16.12.1943

Remember FIR

# GROSSHERZOGINS GEBURTSDAG

Eng vun de'nen gréssten gemenghéten, dé sech d'Nazien während der occupati'on vum letzeburger land geléscht hun, war d'arîchtong vun enger wîrtschaft am grossherzoglechen Palais zu Letzeburg, dé se

## „SCHLOSS-SCHENKE"

genannt hun, a wo d'Nazien sech rendez-vous gin hun.
(an der Chamber nievendrun war d'Propaganda-amt)

D'Nazien konnten sech des gemenghét erlâben, well sie waren jo zu allen schlechtegkéten an schandtâten fäheg.

Dass awer letzeburger, dé haut de kapp eso hé'ch droen, och do stammgäscht "In der guten Stube" woren, an dât nach durch hir ennerschreft verénwegt hun, war nach eng gré'sser gemenghét.

An der zeit, wo an de KZter, an de prisongen an an der ömsiedlong dé topeg patrioten genéngegt an do'dgeschloen go'fen, hu sie zu Letzeburg am Stâdtschlass mat de Nazien Stammtischgäste gespillt.

Sie hâten bestömmt net ugeholl dass zu Letzeburg nach eng ké'er Grossherzoginsgeburtsdâg gefeiert géf. D'Welt huet sech gedrént an aus der Schlosschenke ass eröm de Palais gin. An et get eso guer eröm mat begéschterong Grossherzoginsgeburtsdâg gefeiert.

Mir hu virum kurzen d'original vun der Eröffnongsfeier vun der Schlosschenke kritt.

Mir huelen un dat dir iech och vir én undenken vun deser Eröffnongsfeier-16.12.43- interessé'ert. Dofir fannt dir heibei eng Photo-copie vun desem original.

Wann der eng vun dénen ennerschreften entzifferen könnt, dann délt dât dem buro vun der L.P.P.D., 9 avenue de la Porte-Neuve Luxembourg, matt.

MERCI d'AVANCE

IN ERRINNERUNG AN DIE EROEFFNUNG
DER SCHLOSSCHENKE

16. DEZEMBER 1943



G. Ohee


Ernst Kreuzhuber

(SCHLEHNINGER)
KKPL

A. Kleinschmidt

Paul Schwenicke

Käte Jünger


IM STADTSCHLOSS
DIE GUTE STUBE
1943
WIR SITZEN HIER IN DER SCHÄNKE VOM SCHLOSS
DIE SACHE IST PRIMA, WIRKLICH GANZ GROSS,
WIR HABEN GETAFELT, GETRUNKEN, GESPEIST
REHENBERGS GEIST!
FEURIGEM BURGUNDER UND BLAUEN FORELLEN
SCHLAGEN DER BEGEISTERUNG WELLEN.
DURCHS GANZE REICH SIND SCHON BEKANNT
ERNST RECHENBERG
WÜNSCHEN GLÜCK
DIE STAMMGÄSTE